Grâce à une météo clémente, petits et grands ont pu profiter pleinement de la soirée. Ces moments de convivialité ont une nouvelle fois permis de renforcer les liens entre les générations et de consolider l'esprit de voisinage au sein des différents quartiers de la commune.

Texte: K.M.
Photos: Participants des fêtes

Nationalfeierdag | 23. Juni 2026

Den Nationalfeierdag huet mat engem Cortège vun der Kierch bis op de Kierfecht ugefaang, wou eng Gerbe beim « Monument aux morts » néiergeluecht gouf. Direkt duerno huet de Buergermeeschter Gérard Zoller, eng Ried gehal. Am weidere Verlaf ass nach ee Cortège vum Kierfecht bis bei d'Kierch gezunn, wou uschléissend den TE DEUM stattfonnt huet.

Déi Sëller Musek an de Gesank hu fir den néidege musikalesche Kader gesuergt. Uschléissend huet d'Gemeng nach den Eierewäin spendéiert.

Déi Sëller Musek hat dunn Mëttes hiert traditionellt Duerffest, mat Aperitif a Mëttegiessen, am Festsall organiséiert.

Text: K.M.

Fotoen: Charles Reiser, Michèle Scheitler

Fête nationale | 23 juin 2026

La fête nationale a débuté par le cortège de l'église au cimetière de Saeul pour déposer une gerbe près du monument aux morts.

Par la suite, le bourgmestre Gérard Zoller a tenu un discours.

Ensuite, un cortège s'est rendu du cimetière à l'église, où le TE DEUM a eu lieu.

L'encadrement musical des cérémonies a été assuré par la « Sëller Musek » et la Chorale Ste Cécile. Les festivités ont été clôturées par un vin d'honneur offert par la commune.

Par après, la « Sëller Musek » avait organisé sa traditionnelle fête du village. Cette fête consistait en un apéritif suivi d'un repas dans la salle des sports et des fêtes à Saeul.

Traduction: K.M.

Photos: Charles Reiser, Michèle Scheitler

**Ried vum Buergermeeschter**

Léif alleguer,

Ech begréissen lech ganz häerzlech op eise Nationalfeierdag. E spezielle Merci geet un all déi, déi gehoulef hunn dës Zeremonie ze verschéieren:

Merci un eis Sëller Musik, un d'Sëller Chorale, den Här Paschtouer, d'Leit aus der Gemengeverwaltung an de Service technique. Merci och deenen anere Veräiner, déi ee Verrieder geschéckt hunn, merci dem Team Sëll a merci u jiddereen deen haut hei derbäi ass. Speziell begréisste well ech d'Verrieder vun der Police vu Réiden, déi och dëst Joer erëm, an dat trotz Personalnout, hei derbäi si. Nei derbäi ass eng Delegatioun vum CIS Téinten, zu deem eisen CIS Sëll jo zanter dësem Joer geheiert.

Eis Amicale vun de Pompjeeën, d'Sëller Feierstëppler, déi soss d'Gerbe néiergeluecht hunn, hunn haut de Kollege vum CIS de Virtrëtt gelooss. Merci dem Laurent a senger Equipe fir all déi Jore wou si eis depanéiert hunn. Och nei derbäi ass eng délégation vun de Knights of Luxembourg, ee Sëller Veräin, deen och zum Team Sëll geheiert. Speziell begréissten ech eisen Éierebuergermeeschter, den Här Albert Fisch. Entschëllegt sinn eisen Éierebuergermeeschter den Här Nico Schockmel an eise Schaffen den Tom Staus.

Ech wollt dëst Joer mat lech iwwert eisen neie Grand-Duc, de Guillaume V schwezen, lech e bëssen aus sengem CV verzielen, eis awer och froe wat mer vun him erwaarde kennen a sollen.

Freier ass dësen Dag jo Groussherzogsgebuerdsdag genaunt ginn an en ass den 23. Januar gefeiert ginn, um Gebuerdsdag vun der Groussherzogin Charlotte. 1961 gouf dunn, wéint dem schlechte Wieder am Januar, decidéiert fir den Datum eben ob den heitigen 23. Juni ze verleeën.

Dëst Joer ass ee besonneschen Nationalfeierdag well et deen éischte vun eise Grand-Duc Guillaume ass. Hien ass dee fënneften deen sech Guillaume nennt.

Dee bekaantesten Guillaume ass deen 2ten, de Wëllem deen op sengem Päerd um Knuedler steet, deen och nach Kinnik vun den Niederlanden war an dee Groussherzog vu Lëtzebuerg vun 1840 bis 1849 war.

Mais komme mer zréck zum Guillaume dem V. Gebuer den 11. November 1981 an der Maternité, als Jong vum Grand-Duc Henri an der Grand-Duchesse Maria Teresa, Eelste vun dräi Bridder an enger Schwëster. D'Primärschoul huet en zu Lorentzweiler gemeet, de Secondaire am Lycée Robert Schuman an an engem Kolléisch an der Schwäiz. Hien huet dunn eng Licence en lettres et science politiques zu Angers bestan, duerno ass en ob d'Académie militaire zu Sandhurst gaang. Eise Grand-Duc schwezt franséisch, däitsch, englesch, spuenesch a lëtzebuergesch.

Seng Hobbyen si Gesaunk a Musik, e spillt Gittare a Piano, dann ass en och een engageierten Scout an huet och gaanz vill Freed mat der Natur an de Bëscher, sou wei och scho säi Papp a Grousspapp dat haten.

Mat 19 Joer ass en ob déi éischt mission économique gefuer. Entretemps sinn et 70 Missiounen a 24 Joer ginn. Den 20. Oktober 2012 huet en d'Comtesse Stéphanie de Lannoy bestuet. Di jounk Famill huet entretemps zwee Kanner, d'Preinzen Charel a Francois, 6 an dräi Joer. E puer Wieder zum Rôle vum Grand-Duc:

Am Art 44 vun eiser Constitutioun steet: „Le Grand-Duc est le Chef de l'état. Il représente l'Etat. Il est le symbole de l'unité et de l'indépendance nationales.“

Den Art 57 seet : « Le Grand-Duc prête serment devant la chambre des députés : je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir fidèlement mes attributions constitutionnelles. »

De Guillaume huet a senger Ried virun der Chamber och seng Urbomi, d'Groussherzogin Charlotte zitëiert, déi den 18.1.1919 sot: „ ech wäert d'Liewe vu mengem Vollek liewen, mei Vollek vun deem ech duerch keng Barrière well getrennt sinn. Ech wäert seng Freed a sâi Leed deelen.“

Hei dann nach e puer Sätz aus dem Guillaume senger Ried, déi mer gutt gefaul hunn. Ech zitëieren:

„Ech versprechen Iech politesch ëmmer neutral ze sinn an eis demokratesch Grondprinzippen ze verdeedegen.“

„Ech versprechen am Déngscht vun all de Mënschen hei am Land ze stoen.“

„Ech wäert ëmmer nolauschten an ech engagéiere mech ze hëllefen zesumme Léisungen ze fannen.“

„Ech wäert authentesch bleiwen.“

Hien schwetz och vill vu Brécke schlouen teschend de Generatiounen, teschend den eenzele Kulturen, teschend de Communautéiten. Hien seet dann och nach:

„Lëtzebuerg bléit op, wa jiddereen sech hei am Land doheem fillt“

Da mécht en een Appell un den Engagement vu jidderengem :

„Eis Demokratie an eis Gesellschaft brauchen engagéiert, informéiert a kreativ Bierger, déi een deem aneren ënner d'Äerm gräifen. Eis Gemeinschaft dat si mir all.“

Wat kennen oder solle mer vun eisem Grand-Duc erwaarden:

Dass e weider eist Laund dobausse representéiert an Türöffner ass fir Betriber ob Lëtzebuerg ze kréien sou wei en dat lo scho sâit ëmmerhi 26 Joer mécht.

Dass hien, sou wei e selwer seet, politesch neutral ass, an sou de Grand-Duc vun all de Lëtzebuerger ka sinn.

Hien soll awer och fir eis, ee Virbild a sengem Optrieden an a sengem Discours sinn. Wei erfrëschend ass et dach wann ee Politiker oder Staatschef manéierlech schwetzt, ech denken do z.b. um Kinnik Charles seng Ried an Amerika. Dat am Gegensatz vun deene primitiven an domme Riede vu verschidden aneren. De proppere Sproochgebrauch, nolauschten, argumentéieren, ausschwätze loossen ass och eppes wat mir eis als Beispill an eiser Gesellschaft kennen huelen. Eng Gesellschaft déi dacks duerch eng Surendère vu Frechheeten a Beleidegungen an de soziale Medie bestëmmt gëtt.

Ech hunn d'Gefill dass de Grand-Duc Guillaume eng gewëssen Opbrochstëmmung geschaaft huet, an dass d'Leit aus dem lëtzebuerger Laund him ee grousst Vertraue mat ob de Wee ginn.

Dofir mécht et mech ëmsou mei rose wann dann eng Woch virun Nationalfeierdag, RTL mengt missen ee Scoop ze presentéieren an dee Leak vum Gréngewald mat der Schlagzeil „de Grand-Duc wëllt de Gréngewald zréck“ verëffentlecht. Ech fannen sou eng Virgoensweis souwuel vun deem deen de Leak gemeet huet wei och vun eiser Press lamentabel.

Hei gëtt probéiert mat engem Non-Event Schlagzeilen ze maachen an eise Grand-Duc ze diskreditéieren. De Grand-Duc brauch de Gréngewald nit zréck ze froe well e geheiert him schonn. Wann hien erëm d'Käschte vun der Gestiou an iwwerhuelen an ausserdeem de Bësch och nach fir de Public wëllt opmaachen, dierft eigentlich keen sech doriwwer bekloen. Hei gëtt also ganz kloer probéiert mat enger Nouvelle déi keng ass, eppes opzebausche wou näischt opzebauschen ass. Lamentabel also.

Doduerch loosse mir eis awer nit eis Laun verdierwen a mer freeën eis drop fir haut eisen Nationalfeierdag ze begoen.

De Grand-Duc Guillaume steet als Symbol vun eiser Natioun, vun eisem Laund, vun eiser Gemeinschaft. Haut feiere mer all zesummen sâin Dag a Fräiheet an a Fridden. Dorobber hiewe mer eist Glas a mer ruffen een dräifache Vive:

Vive d'Gemeng Sëll, Vive d'Lëtzebuerger Land, vive eise Grand-Duc Guillaume.

Gérard Zoller
Buergermeeschter Gemeng Sëll

Workshop - Notzung vun der Schwebacher Kapell

E Mëttwoch, de 24. Juni 2026 huet d'Gemeng Sëll an de LEADER Wëlle Westen op een 2. Atelier invitéiert, bei dem iwwert d'Zukunft an d'Notzung vun der Schwebacher Kapell geschwat gouf.

An engem éischten Atelier goufe vill flott Iddien gesammelt an an dësem zweeten Atelier goung et drëms, dës ze konkretiséieren, ze plangen an och ëmzesetzen.

D'Participanten haten esou d'Méiglechkeet, hir Meenungen an Iddien auszutauschen, konkret Notzungsméiglechkeete fir d'Kapell auszuschaffen an zesummen iwwer déi nächst Schrëtt nozedenken, fir dëst wäertvollt lokaalt Patrimoine nohalteg opzewäerten an ze erhalen.

Text: K.M.


Atelier participatif - Utilisation de la chapelle de Schwebach

Le mercredi 24 juin 2026, la commune de Saeul et le LEADER Wëlle Westen ont invité à participer à un deuxième atelier consacré à l'avenir et à l'utilisation de la chapelle de Schwebach.

Lors d'un premier atelier, de nombreuses idées intéressantes avaient été recueillies. Cette deuxième rencontre avait pour objectif de les approfondir, de les concrétiser et d'examiner les possibilités de leur mise en œuvre.

Les participants ont ainsi eu l'occasion d'échanger leurs points de vue, de développer des pistes d'utilisation concrètes et de réfléchir ensemble aux prochaines étapes afin de valoriser durablement ce patrimoine local.

Texte : K.M.



Zauberspektakel mam John Happi

E Sonnden, den 28. Juni 2026 huet zu Sëll am Festsall den Zauberspektakel vum John Happi stattfonnt.

An zwou eenzel Virstellungen huet hien ee flotten Optrëtt hannerluecht an déi grouss a kleng domat zum Laache bruecht.

D'Kanner hu begeeschtert matgemaach a kruten als Belounung ee Stéck Geméis fir hirt Matmaachen.

Insgesamt war et eng flott Atmosphär an där och ënner anerem den Dart Club des Trois Frontières gegrillt huet a sech ëm d'Gedrénks gekëmmert huet.

Text: K.M.
Fotoen: T.S.

Spectacle de magie avec John Happi

Le dimanche 28 juin 2026, le spectacle de magie de John Happi a eu lieu dans la salle des fêtes de Saeul.

À travers deux représentations, le magicien a offert un spectacle captivant et plein d'humour, qui a enchanté aussi bien les petits que les grands.

Les enfants ont participé avec enthousiasme aux différentes animations et ont été récompensés par un morceau de légume pour leur participation active. L'événement s'est déroulé dans une ambiance chaleureuse et conviviale.

Le Dart Club des Trois Frontières a également contribué à la réussite de cette journée en assurant la restauration au barbecue ainsi que le service des boissons.

Texte : K.M.
Photos : T.S.

**Diplomiwwerreechnung Musekschoul Kanton Réiden | 13. Juli 2026**

De Méindeg, 13. Juli 2026, sinn an der Biekerecher Sportshal 7 Schülerinnen a Schüler aus eiser Gemeng vun der Musekschoul aus dem Kanton Réiden geéiert ginn, well si eng weider Etapp vun hirer Museksformatioun gepaakt hunn. A Präsenz vum Kulturminister Eric Thill hu si op enger flotter Feier hiren Diplom iwwerreecht kritt. Verschéinert gouf d'Feier duerch d'Spill vu Solisten an dem Orchester aus der kantonaler Musekschoul.

Déi geéiert Schülerinnen a Schüler sinn: Arrensдорff Susy, Hilgert Anne-Marie, Jason Elliot, Jason Emilia, Muller Anne, Muller Julie a Munchen Aurélie.

De Buergermeeschter mat de Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot begléckwünschen si fir hiren Diplom a wënschen hinnen och weiderhi vill Freed a Succès mat der Musek.

Am Schouljoer 2025-26 hu ronn 80 Kanner, Jugendlecher an erwuessen Awunner aus der Gemeng vun de Coure vun der Musekschoul Kanton Réiden profitéiert.

Text: Leo Lutgen
Fotoen: Charles Reiser

Remise des diplômes de l'École de musique du Canton de Redange | 13 juillet 2026

Le lundi 13 juillet 2026, 7 élèves de notre commune, issus de l'école de musique du canton de Redange, ont été mis à l'honneur au hall sportif de Beckerich, pour avoir franchi une nouvelle étape dans leur formation musicale. En présence du ministre de la Culture Eric Thill, ils se sont vu remettre leur diplôme lors d'une belle cérémonie. Celle-ci a été agrémentée par les prestations de solistes et de l'orchestre de l'école de musique cantonale.

Les élèves mis à l'honneur sont : Arrensdorff Susy, Hilgert Anne-Marie, Jason Elliot, Jason Emilia, Muller Anne, Muller Julie et Munchen Aurélie.

Le bourgmestre ainsi que les membres du collège échevinal et du conseil communal les félicitent pour leur diplôme et leur souhaitent encore beaucoup de plaisir et de succès avec la musique.

Au cours de l'année scolaire 2025-26, quelque 80 enfants, jeunes et adultes de la commune ont bénéficié des cours de l'école de musique du canton de Redange.

Texte : Leo Lutgen
Photos : Charles Reiser



„Eis Beem loosse sech weisen!“

Eng national Campagne fir bemierkenswäert Beem an de Mëttelpunkt ze stellen

Am Kader vum Internationalen Dag vum Bam hunn den Ëmwelt-, Klima- a Biodiversitätsministère an d'Natur- a Bëschverwaltung e Mëttwoch, den 22. Abrëll 2026, eng Informatiouns- a Sensibiliséierungscampagne iwwer déi bemierkenswäert Beem zu Lëtzebuerg lancéiert.

Ënnert dem Slogan „Eis Beem loosse sech weisen!“ soll d'Campagne op den ekologeschen, kulturellen a landschaftleche Wäert vun de bemierkenswäerte Beem opmierksam maachen an hir Bedeitung als Deel vun eisem Naturerwen ervirhiewen. Gläichzäiteg ass d'Bevëlkerung opgeruff, bei der Identifikatioun vun neie Beem matzewierken, déi als bemierkenswäert unerkannt a geschützt kéinte gewäert ginn.

„Bemierkenswäert Beem si vill méi wéi nëmmen en Deel vun eiser Landschaft: Si si lieweg, Zeie vun eiser Geschicht a Kultur an onverzichtbar Alliéiert am Émgang mat den Erausforderunge vum Klimawandel. Si ze erhalen heescht, an eist Naturerwen an an d'Liewensqualitéit vun den zukünftege Generatiounen ze investéieren“, huet den Ëmwelt-, Klima- a Biodiversitätsminister betount.

Lieweg Zeie vun eisem Natur- a Kulturierwen

Aktuell si ronn 240 Beem am Grand-Duché offiziell als bemierkenswäert Beem unerkannt. Dës Beem zeechne sech duerch besonnesch dendrologesch Eegenschaften aus, wéi hir aussergewöhnlech Dimensiounen, hir Morphologie, hir Lag an der Landschaft oder och duerch hiren historeschen, kulturellen oder memoriale Wäert.

Iwwer hir symbolesch Bedeitung eraus sinn déi bemierkenswäert Beem richteg Hotspotte vun der Biodiversitéit. Huelraim, Schuel, Wuerzelen an hir grouss Krounen bidden eng onersetzlech Liewensgrondlag fir eng Villfalt vun Déieren- a Planzenaarten. Zousätzlech droen dës Beem dozou bäi, d'Auswierkunge vum Klimawandel ofzeschwächen, urban Raim ofzekillen an d'Landschaft ze strukturéieren. Dës villfälteg Funktiounen rechtfärdegen e verstärkte Schutzstatus.

Dofir ass et ënner anerem verbueden, bemierkenswäert Beem ze fällen, auszewuerzelen, ze versetzen, ze beschiedegen oder ze zerstéieren, ausser et läit eng ministeriell Autorisatioun vir, déi aus Grënn vum ëffentlechen Interessi oder aus phytosanitäre Grënn accordéiert gouf.

Opruff un d'Bevëlkerung: National Inventaire vun de bemierkenswäerte Beem ausbauen

Am Kader vun engem partizipative Virgang rëfft d'Campagne d'Bevëlkerung dozou op, nei Beem virzeschloen, déi als bemierkenswäert Beem unerkannt kéinte ginn. Dës Beem kënnen sech souwuel op Privatterrain wéi och am ëffentleche Raum befannen.

Fir dësen Zweck steet op der Internetsäit arbresremarquables.lu en Online-Formulaire zur Verfügung. Mat Informatiounen iwwer de concernéierte Bam kënnen interesséiert Persounen hir Propositioun bis den 31. Oktober 2026 bei der Natur- a Bëschverwaltung areeche. D'Dossiere ginn duerno eenzel gepréift, fir feststellen, ob déi proposéiert Beem d'Krittäre fir eng Unerkennung erfëllen.

Fir d'Besëtzerinnen an d'Besëtzer beim Ënnerhalt an Erhalt vun dëse bemierkenswäerte Beem z'ënnerstëtzen, sti finanziell Hëllef zu Verfügung. Dës kënnen, am Aklang mam groussherzogleche Règlement vum 30. September 2019 iwwer Beihëllef fir d'Verbesserung vum natierlechen Ëmfeld, bis zu 75 % vun de Käschte fir e professionellen Ënnerhalt iwwerhuelen.

Text: K.M.

Fotoen: emwelt.lu

« Eis Beem loosse sech weisen! »

Une campagne nationale pour valoriser les arbres remarquables

En vue de la Journée internationale de l'arbre, le ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité et l'Administration de la nature et des forêts ont lancé, ce mercredi 22 avril 2026, une campagne d'information et de sensibilisation consacrée aux arbres remarquables luxembourgeois.

Déployée sous le slogan « Eis Beem loosse sech weisen! », celle-ci vise à mettre en lumière la valeur écologique, culturelle et paysagère des arbres remarquables, ainsi que leur rôle au sein du patrimoine naturel. La campagne invite également à participer à l'identification de nouveaux arbres susceptibles d'être reconnus et protégés à ce titre.

« Les arbres remarquables sont bien plus que des éléments du paysage : ils sont des témoins vivants de notre histoire, de notre culture et des alliés indispensables face aux défis du changement climatique. Les préserver, c'est investir dans notre patrimoine naturel et dans la qualité de vie des générations futures », a souligné le ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité.

Des témoins vivants de notre patrimoine naturel et culturel

Actuellement, environ 240 arbres sont officiellement reconnus comme arbres remarquables au Grand-Duché. Ces arbres se distinguent par des caractéristiques dendrologiques particulières, telles que leurs dimensions, leur morphologie, leur emplacement dans le paysage, ou encore leur valeur historique, culturelle ou commémorative.

Au-delà de leur dimension symbolique, les arbres remarquables constituent de véritables foyers de biodiversité. Cavités, écorces, racines et vastes couronnes offrent des habitats indispensables à une multitude d'espèces animales et végétales.

Par ailleurs, ces arbres contribuent à mitiger les effets du changement climatique et au rafraîchissement des espaces urbanisés ainsi qu'à la structuration des paysages. Ces multiples fonctions justifient un statut de protection renforcé.

À ce titre, il est notamment interdit d'abattre, de déraciner, de déplacer, d'endommager ou de détruire un ou plusieurs arbres remarquables, sauf autorisation ministérielle accordée pour des motifs d'utilité publique ou pour des raisons phytosanitaires.

Appel à la participation citoyenne pour élargir l'inventaire national

Dans une démarche participative, la campagne encourage la population à proposer de nouveaux arbres, qu'ils se situent sur des terrains privés ou dans le domaine public, en vue de leur reconnaissance comme arbres remarquables.

À cette fin, un formulaire en ligne est mis à disposition du public sur le site arbresremarquables.lu. En fournissant des renseignements sur l'arbre concerné, les personnes intéressées peuvent soumettre une proposition à l'Administration de la nature et des forêts jusqu'au 31 octobre 2026. Les dossiers seront ensuite examinés individuellement afin d'évaluer l'éligibilité des arbres proposés.

Par ailleurs, afin de soutenir les propriétaires dans l'entretien et la conservation de ces arbres remarquables, des aides financières sont disponibles. Celles-ci peuvent couvrir jusqu'à 75% des coûts liés à un entretien professionnel, conformément au règlement grand-ducal du 30 septembre 2019 concernant les aides pour l'amélioration de l'environnement naturel.

Texte : emwelt.lu

Photos : emwelt.lu

Eis Beem loosse sech weisen!



Pyrus sp. / Poirier / Bierebam
Savelborn

Kennt och Dir e Bam, dee besonnesch schützenswäert wier? Da mell et eis en!



Méi Informatiounen:

arbresremarquables.lu



Administration
de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg

**Wëlt
Lëtzebuerg**
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

© 2026 Administration de la nature et des forêts

Klimapakt-Dag | 8. Mee 2026

E Freideg, den 8. Mee, huet am Cercle Cité an der Stad de Klimapakt-Dag 2026 stattfonnt. Och d'Gemeng Sëll war dobäi vertrueden, zesumme mam Technesche Service an dem Klimaschäffen.

Moies goufe verschidde Workshops ugebueden, fir sech weiderzebilden an den Austausch mat anere Gemengen a Partner am Beräich Klima ze fërderen.

Mëttes goufen déi aktuell Entwécklungen am Klimapakt presentéiert. Donieft goufen interessant Interventiounen zum Thema « Klimaadaptatioun an de Gemengen » duerch verschidden Acteure virgedroen.

Zum Ofschloss vum Dag huet d'Präisiwwerreechung vum Concours „Solar Challenge“ stattfonnt. Hei kann eis Gemeng besonnesch houfreg sinn a seet virun allem de Biergerinnen a Bierger e grouse Merci fir hiert Engagement.

An der Kategorie 1 « Anzahl der Solaranlagen < 30 kWp » hu mir déi zweet Plaz erreecht.

Dono hu mir och nach d'Klimapakt-Zertifizéierung a Sëlwer iwwerrecht kritt. Well mir eis an der selwechter Kategorie behaapte konnten, krute mir zousätzlech nach e Bild als Kaddo iwwerrecht.

Als Gemeng si mir och ganz houfreg, datt mir schonn 73 % erreecht hunn. Ab 75 % géife mir nämlech d'Gold-Zertifizéierung kréien.

Als Gemeng wäerte mir och an Zukunft mat vill Engagement weider dru schaffen, eis aktiv fir de Klima- an Ëmweltschutz anzesetzen.

Journée Pacte Climat | 8 mai 2026

Le vendredi 8 mai, la Journée Pacte Climat 2026 a eu lieu au Cercle Cité à Luxembourg-Ville.

La commune de Saeul y était également représentée, aux côtés du Service technique et de l'échevin au climat.

Durant la matinée, plusieurs ateliers ont été proposés afin de permettre aux participants de se former davantage et de favoriser les échanges avec d'autres communes ainsi qu'avec des partenaires actifs dans le domaine du climat.

Au courant de l'après-midi, les évolutions actuelles du Pacte Climat ont été présentées. Par ailleurs, différentes interventions intéressantes sur le thème de « l'adaptation climatique dans les communes » ont été exposées par plusieurs acteurs du secteur. La journée s'est clôturée par la remise des prix du concours « Solar Challenge ». Notre commune peut être particulièrement fière de ce résultat et tient surtout à remercier chaleureusement les citoyennes et citoyens pour leur engagement.

Dans la catégorie 1 « Nombre d'installations solaires < 30 kWc », nous avons obtenu la deuxième place.

Par la suite, nous avons également reçu la certification Pacte Climat Argent. Comme nous avons réussi à nous maintenir dans la même catégorie, un tableau nous a en outre été remis en cadeau.

En tant que commune, nous sommes également très fiers d'avoir déjà atteint 73 %. À partir de 75 %, nous obtiendrions en effet la certification Gold.

Notre commune continuera également à s'engager activement à l'avenir en faveur de la protection du climat et de l'environnement.

**Pilot-Projet - Réng fir Valorluxtuten**

Fir d'Valorlux-Sammlung nach méi effizient a praktesch ze gestalten, ginn am Kader vun dësem Pilot-Projet während enger Testphase an der Uertschaft Schweebach speziell Réng fir d'Valorluxtuten un de Stroosseluuchten installéiert. Dës Réng déngen als zentral Sammelplazen, un deenen d'Awunner hir blo Valorlux-Tutten ophänke kënnen.

Dës nei Léisung bitt verschidde Virdeeler. Éischtens verhënnert si, datt d'Tutte bei Wand op d'Strooss oder op Nopeschterrain fortgeblosen ginn. Zweetens stinn d'Tutten net méi um Trottoir, wou si fir Foussgänger, Persounen mat Kannerween oder Persounen mat ageschränkter Mobilitéit en Hindernis duerstelle kënnen.

Och fir d'Sammelservicer vum SIEDEC bedeit dëse System eng Vereinfachung. Well d'Tutte bei fest definéierte Sammelplaze gesammelt ginn, kann de Camion méi effizient schaffen an eng oder méi Sammelstatiounen op eemol ufueren. Doduerch entsteet kee gréisseren Zäitopwand, an d'Sammlung kann méi fléissend oflafen.

D'Gemeng freet d'Awunner, hir Valorlux-Tutt ëmmer un de nooste geleeëne Rank un enger Stroosseluucht unzehänken. D'Réng si speziell fir dësen Zweck entwéckelt ginn a sinn normalerweis mat bis zu sechs Befestigungspunkten équipéiert. Jee no Bedierfnes an no Standuert kann d'Gréisst vun de Réng ugepasst ginn.

Wichtig ass och, datt d'Valorlux-Tutten eréischt den Dag virun der offizieller Sammlung opgehaange ginn. D'Gemeng appelléiert un d'Awunner, dës Reegel ze respektéieren an d'Valorlux-Tutten net méi wéi een Dag virun der Sammlung opzehänken.

Text: K.M.

Fotoen: Stéphane Pupita

**Projet pilote - Anneaux pour les sacs Valorlux**

Afin de rendre la collecte Valorlux encore plus efficace et pratique, des anneaux spécialement conçus pour les sacs Valorlux seront installés sur les lampadaires dans le village de Schweebach dans le cadre de ce projet pilote et durant une phase de test. Ces anneaux serviront de points de collecte centralisés où les habitants pourront suspendre leurs sacs bleus Valorlux.

Cette nouvelle solution présente plusieurs avantages. Tout d'abord, elle permet d'éviter que les sacs ne soient emportés par le vent et dispersés sur la voie publique ou sur des terrains voisins.

Ensuite, les sacs ne seront plus déposés sur les trottoirs, où ils peuvent constituer un obstacle pour les piétons, les poussettes ou les personnes à mobilité réduite.

Ce système facilite également le travail des services de collecte du SIEDEC. Les sacs étant regroupés à des emplacements prédéfinis, le camion de collecte peut intervenir de manière plus efficace en desservant un ou plusieurs points de collecte à la fois. Il n'en résulte aucun allongement significatif du temps de collecte et l'opération peut se dérouler de manière plus fluide. La commune invite les habitants à accrocher systématiquement leur sac Valorlux à l'anneau installé sur le lampadaire le plus proche de leur domicile. Les anneaux ont été spécialement conçus à cet effet et sont généralement équipés de six points d'accroche au maximum. Leur dimension peut toutefois être adaptée en fonction des besoins et de l'emplacement concerné.

Il est également important que les sacs Valorlux ne soient accrochés qu'à partir de la veille de la collecte officielle. La commune appelle les habitants à respecter cette consigne et à ne pas déposer leurs sacs plus d'un jour avant la date de collecte.

Traduction : K.M.

Photos : Stéphane Pupita





Är Gemengerechnungen elo op MyGuichet.lu verfügbar

Fir den administrativen Alldag ze vereinfachen, steet zënter Februar en neie Service op der sécherer Plattform [MyGuichet.lu](https://myguichet.lu) zur Verfügung. Biergerinnen a Bierger, déi dëse Service aktivéieren, kënnen an hirem privaten Espace hir Gemengerechnunge vun de leschte fënnef Joer (z. B. Offalltaxen, Brennholz, asw.) consultéieren.

D'Aktivéierung vum Service kann einfach iwwer guichet.lu/factures-communales gemaach ginn. Ouni Äert ausdrécklecht Averstännis ginn awer keng Rechnungen elektronesch zougestallt.

Dëse Service bitt de Virdeel, all Gemengerechnungen op enger zentraler Plaz ze sammelen an einfach erëmfannen. Dat ass besonnesch praktesch am Fall vun engem Wunnsätzwiessel oder wann een administrativ Relatiounen mat méi Gemengen huet.

D'Rechnungen, déi iwwer d'Gemengesystemer ausgestallt ginn, sinn direkt iwwer MyGuichet.lu accessibel. Doduerch gëtt eng einfach, séier a sécher Consultatioun an engem digitalen Ëmfeld garantéiert, dat schonn vu villen Awunnerinnen an Awunner genotzt gëtt.

De Service riicht sech un all Persounen, déi zu Lëtzebuerg wunnen, souwéi un Net-Residenten, déi eng administrativ Bezéiung mat op d'mannst enger lëtzebuerger Gemeng hunn.

Text: K.M.

Vos factures communales désormais disponibles sur MyGuichet.lu

Afin de faciliter les démarches administratives du quotidien, un nouveau service est désormais accessible via la plateforme sécurisée [MyGuichet.lu](https://myguichet.lu). Depuis le mois de février, les citoyens qui activent ce service peuvent consulter, dans leur espace privé, leurs factures communales des cinq dernières années (déchets, bois, etc.).

L'activation du service se fait simplement sur guichet.lu/factures-communales. À noter que les factures ne sont transmises sous forme électronique qu'aux personnes ayant donné leur consentement préalable.

Ce nouvel outil permet de disposer d'un aperçu clair et centralisé de l'ensemble de ses factures communales, y compris en cas de déménagement ou lorsqu'une personne entretient des relations administratives avec plusieurs communes.

Les factures émises par les administrations communales participantes sont accessibles directement sur MyGuichet.lu, offrant ainsi une consultation simple, rapide et sécurisée au sein d'un environnement numérique déjà bien connu des usagers.

Le service est destiné à toute personne résidant au Luxembourg ainsi qu'aux non-résidents ayant une relation administrative avec au moins une commune luxembourgeoise.

Texte : K.M.

Vos factures communales désormais en ligne!

Recevez vos factures communales rapidement, en toute sécurité, et où que vous soyez.



MyGuichet.lu

Campagne „Kastréieren. Chippen. Registréieren.“


Ëmmer méi Kazen - e Problem, dee mir nëmmen zesumme léise kënnen

Zu Lëtzebuerg liewen Dausende Kazen, déi net kastréiert an net gechippt sinn, sief et mat oder ouni Besëtzer. Duerch déi onkontrolléiert Fortplanzung komme järelech eng grouss Zuel u wëlle Kazen op d'Welt.

Vill vun dësen Déiere leiden ënner Hunger, Krankheeten oder Verletzungen.

Dem lëtzebuergereschen Déiereschutzgesetz vun 2018 no, si Besëtzer verflücht, hir Kazen ze kastréieren an duerch en elektronesch Chip identifizéieren ze loossen, soubal dës Fräigang hunn.

Leider gëtt dës gesetzlech Pflicht nach ëmmer net genuch



respektéiert, mat signifikante Konsequenze fir Déier, Mënsch an Ëmwelt. Déi onkontrolléiert Reproduktioun féiert zu Déiereleed duerch Krankheeten, Parasitten, Territorialkämpf an d'Verbreedung vun ustiechende Krankheeten ewéi FIV oder FeLV.

Aus reng mathematescher Siicht kann eng net kastréiert Kazekoppel bannent 7 Joer iwwer 420.000 Nokommen hunn. Am 8. Joer läit d'Zuel schonn bei ronn 2,4 Milliounen.

Firwat seng Kaz chippen a registréieren?

Wann eng Kaz net gechippt ass, kann hire Besëtzer net ermëttelt ginn, falls si verluer geet. Dat selwecht gëllt fir onvollstänneg oder net aktualiséiert Donnéeën am Déiereregister. An der Reegel setzt de Veterinär den Chip, mee d'Registréierung vum Déier läit an der Verantwortung vum Besëtzer. Wann Dir net sécher sidd, ob Är Kaz richteg registréiert ass, schwätzt mat Ärem Veterinär. Nëmmen ongeféier 15,5 % vun de fonnte Kaze kënnen hire Besëtzer zeréckgi ginn.

Campagne « Castrer. Pucer. Enregistrer. »

De plus en plus de chats – un problème que nous ne pouvons résoudre qu'ensemble

Au Luxembourg, des milliers de chats non castrés et non pucés vivent désormais avec ou sans propriétaire. Ils se reproduisent de manière incontrôlée, ce qui donne naissance chaque année à d'innombrables chats sauvages.

Beaucoup d'entre eux souffrent de maladies, de faim ou de blessures. Selon la loi luxembourgeoise sur la protection des animaux (2018), les propriétaires sont tenus de faire castrer leurs chats et de les faire identifier par une puce électronique dès qu'ils ont accès à l'extérieur.

Malheureusement, cette obligation est encore trop rarement appliquée, avec des conséquences notables

pour les animaux, la nature et les humains : Reproduction incontrôlée, souffrance animale due aux maladies, aux parasites, aux combats territoriaux et à la propagation de maladies infectieuses telles que le FIV ou le FeLV.

Un couple non stérilisé peut, d'un point de vue purement mathématique, avoir plus de 420 000 descendants en 7 ans (Année 8 : déjà environ 2,4 millions)

Pourquoi pucer et enregistrer son animal ?

Si un chat n'est pas équipé d'une puce électronique, il ne peut pas être attribué à un propriétaire s'il est perdu. Il en va de même pour les données incomplètes ou obsolètes enregistrées dans la base de données du registre des animaux. En règle générale, le vétérinaire se contente d'implanter la puce, mais c'est à vous qu'il revient d'enregistrer votre animal. Si vous n'êtes pas sûr que votre animal soit correctement enregistré, parlez-en à votre vétérinaire.

Seuls environ 15,5 % des chats retrouvés peuvent être rendus à leur propriétaire.

Wëll oder streunend Kazen

Hutt Dir eng streunend oder wëll Kaz gesinn oder agefaangen? Mir hëllefen Iech gär.

An Zesummenaarbecht mat aneren Déiereschutzorganisatiounen stelle mir speziell Falen zur Verfügung, déi eng sécher an esou stressfräi wéi méiglech Afänk-Method erlaben.

Déi agefaange Kaze ginn duerno versuergt, kastréiert a gechippt. Wa méiglech, gi se no der Behandlung nees op der Plaz fräigelooss, wou se agefaange goufen.

D'Käschte fir dës Mesurë ginn integral vun eis iwwerholl.

Meldunge vu streunende Kaze kënnen iwwer de Formulaire op eiser Internetsäit gemaach ginn.

An Zesummenaarbecht mat eise Partner-Veterinären

Vill Veterinärspaxissen am ganze Land ënnerstëtzen dës Campagne, ënner anerem duerch:

- Remise op Kastratiounen a Mikrochip;
- zousätzlech Rendez-vous wärend den Aktiounswochen.

Iwwersetzung: K.M.

Chats sauvages

Vous avez repéré ou capturé un chat errant ? Nous sommes là pour vous aider.

En collaboration avec d'autres associations de protection animale, nous mettons à disposition des pièges adaptés, permettant une capture sécurisée et la moins stressante possible.

Les chats pris en charge sont ensuite soignés, castrés et identifiés, puis, lorsque cela est possible, relâchés sur leur lieu de capture.

L'ensemble des frais est pris en charge par nos soins.

Les signalements de chats errants peuvent être effectués via le formulaire disponible sur notre site internet.

En collaboration avec nos vétérinaires partenaires

De nombreux cabinets vétérinaires à travers tout le pays soutiennent notre campagne :

- en proposant des réductions sur les stérilisations et les puces électroniques,
- ou en proposant des rendez-vous supplémentaires spécialement pendant les semaines promotionnelles.

Texte : Lëtzebuenger Déiereschutzliga



Fir proppert Waasser

An de nächste Editiounen stelle mir iech verschidde Beiträg vir, an deenen d'Equipe vun der Infostuff unhand vun hiren eegenen Erfarungen erzielt, wat een alles am Alldag maache kann, fir d'Waasser ze schützen. D'Infostuff ass eng Platz, wou dir iech zu den Themen Energie, Waasser an Ëmwelt informéiere kënnt. Si huet hire Büro zu Réiden an der Groussgaass a gëtt gefouert vun de Servicier vum Réidener Kanton, der Asbl Maison de l'Eau de l'Attert an dem Leader Wëlle Westen.

Waat maachen ech fir proppert Waasser ?



Ech notze Reewaasser, well all Liter Drénkwaasser, deem net verkascht gëtt, hëlleft, eis Drénkwaasserressourcen

ze schützen.

Patrice Verscheure huet vun 2001 bis Juni 2026 an der Asbl Maison de l'Eau zu Réiden geschafft a war do zoustänneg fir de Beräich Informatioun a Sensibilisatioun

Virun 9 Joer hunn ech engt Haus kaaft an am Zuch vun de Renovéierungsarbeiten nodréiglech eng Reewaasseranlag installéiere gelooss. Eng vun deenen 1. Saachen, déi ech gemaach hunn, war déi al Masuttsheizung duerch een neien Heizsystem ze ersetzen an de Mazoutstank ze entsuergen. Op der Plaz vum Mazoutstank steet elo ee Reewaassertank vun 4000 l am Heizungskeller. E besteet aus 2 schmuele Konschtstoff-Tanken, esou dat e gutt duerch d'Diere gepasst huet.

Et gi verschidde Filtersystemer fir d'Reewaasser am Tank propper ze halen. Ech hunn zwee Filtersystemer ausprobiert a sinn mat dem aktuelle Filter ganz zefriden. En ass am Kullang agebaut an e brauch kaum Entretien.

Mir hunn dës Filtersystem och bei eis an der Infostuff am Ausstellungsbereich opgestallt.



Fir proppert Waasser

D'Equipe vun der Infostuff erzielt unhand vun hiren eegenen Erfarungen, wat een alles am Alldag maache kann, fir d'Waasser ze schützen. D'Infostuff ass eng Platz, wou dir iech zu den Themen Energie, Waasser an Ëmwelt informéiere kënnt. Si huet hire Büro zu Réiden an der Groussgaass a gëtt gefouert vun de Servicier vum Réidener Kanton, der Asbl Maison de l'Eau de l'Attert an dem Leader Wëlle Westen.

Waat maachen ech fir proppert Waasser ?




Mäin naturnoe Gaart, brauch weeder genat nach gedüngt ze ginn.

Pierre Jaques schafft säit 2015 an der Asbl Maison de l'Eau zu Réiden an ass do zoustänneg fir all déi technesch Projeten

Mäi Gaart ass een naturnoe Gaart, deem den eenheemesche Planzen an Déieren ee Maximum u Plaz bitt. Ech hun eng ganz Rei u Liewensräim ugeluecht, wéi Drëschmawieren, Blummewiesen, Steekéip, Holzkéip, Staudebeeter, asw.

A menge Staudebeeter hunn ech virun allem eenheemesche Planzen, déi gudd fir eis Bestëbser sinn an och gudd mat eisem Klima eens ginn. Mat Ausnam vun deem éischte Joer, wou geplanzt gëtt brauch ee bei esou Planzen och bal ni ze näzen. Dës Stauden brauchen och keen Dünger an hëllefen esou eist Grondwaasser propper ze halen.



Déi Deeler vu mengem Naturgaart déi mat Wues bedeckt sinn, ginn ni genat well de Wues och mat Drëchenzäiten gutt eens gëtt. Wichtig ass, dat en ni ze kuerz geméint gëtt. An op Dünger kann een och hei ouni Problem verzichten.

Maison de l'Eau de l'Attert asbl

43, Grand-rue
L-8510 Redange
Tel. 26 62 08 08



Maison de l'Eau de l'Attert asbl

43, Grand-rue
L-8510 Redange
Tel. 26 62 08 08



Réckbléck op d'Campagne „ Méi net am Mee “

Dës Campagne bitt jidderengem d'Méiglechkeet, aktiv zum Schutz vun eiser Biodiversitéit bäizetroen.

Och d'Gemeng Sëll huet sech dëst Joer aktiv un der Aktioun bedeelegt, sou wéi déi lescht Joren och. Op verschiddene Flächen hu mir d'Wisen net geméit, fir de Blummen an de Grieser Zäit ze ginn, sech natierlech z'entwéckelen.

Doduerch konnten sech vill Wéllblummen entwéckelen an d'Bestëbser wéi Beien, Harespelen, Käfer a Päiperleken hunn dovunner profitéiert.

"Méi net am Mee" hëlleft dobäi, Liewensraim fir Insekten ze schafen, d'Bestëbser z'ënnerstëtzen an eis Biodiversitéit laangfristeg ze erhalen an ze fërderen.

Och Dir kënnt e Bäitrag leeschten, an dëst och iwwert de Mee eraus, andeems Dir an Ärem Gaart e wëllen Eck stoe loosst, net direkt alles méit an domat der Natur méi Plaz bitt, fir sech ze entfalten. Op der Gemeng respektiv beim SICONA kritt Dir och Wéllplanzesom, deen Dir ausséie kënnt.

Wann Dir méi genee wëllt wëssen, wéi eng Planzen op eise Wisen oder wéi eng Bestëbser an Ärer Ëmgéigend virkommen, kënnt Dir d'App [iNaturalist.lu](https://www.inaturalist.lu/) benotzen. Mat dëser App kënnen Déieren a Planze ganz einfach identifizéiert ginn an Dir kënnt gläichzäiteg zur Erfaassung vun der lokaler Biodiversitéit bäidroen.

Text: K.M.

Fotoen: Service Technique

Rétrospective sur la campagne « Méi net am Mee »

Cette campagne offre à chacun la possibilité de contribuer activement à la protection de notre biodiversité.

Cette année, la commune de Saeul a également participé activement à cette campagne, tout comme les années précédentes. Sur plusieurs parcelles, nous avons volontairement laissé les prairies pousser afin de permettre aux fleurs et aux herbes de se développer naturellement.

Grâce à cette démarche, de nombreuses fleurs sauvages ont pu s'épanouir et les pollinisateurs, tels que les abeilles, les guêpes, les coléoptères et les papillons, en ont largement bénéficié. L'action « Méi net am Mee » contribue à créer des habitats favorables aux insectes, à soutenir les pollinisateurs et à préserver durablement la biodiversité.

Vous aussi, vous pouvez agir, y compris au-delà du mois de mai, en laissant dans votre jardin un espace plus naturel et en évitant de tout tondre systématiquement. Vous offrirez ainsi davantage de place à la nature pour s'épanouir. Des semences de plantes sauvages sont également disponibles auprès de la commune ou du SICONA.

Si vous souhaitez en apprendre davantage sur les plantes qui poussent dans nos prairies ou sur les pollinisateurs présents dans votre environnement, vous pouvez utiliser l'application [iNaturalist.lu](https://www.inaturalist.lu/). Celle-ci permet d'identifier facilement les animaux et les plantes observés, tout en contribuant à l'inventaire de la biodiversité locale.

Texte : K.M.

Photos : Service Technique



Den CGDIS an der Gemeng Sëll

Zanter 2023 ginn eis Pompjeeën aus der Gemeng Sëll bei Asätz vun hiren Kolleegen vum Cis Tënten ënnerstëtzt, d'Iddi wor dem Cis Sëll erëm esou wäit opzebauen dass hien kéint eegestänneg ginn. Lescht Joer gouf sech a Versammlungen Gedanke gemaach wéi sech den CGDIS an der Gemeng Sëll vir Zukunft opstellen kann.



Well mir zu Sëll nëmmen e puer Pompjeeën hunn déi sech engagéieren huet missen eng Léisung fonnt ginn déi eis Gemeng och laangfristeg schützt. Sait dem 01.Juni 2026 sinn eis aktiv Pompjeeën an den Cis Téinten integréiert ginn. An all aktive Member, Veteran an Jugendpompjee aus dem Cis Sëll ass an d'Amicale vum CIS Tënten integréiert ginn well den Cis Sëll esou net méi besteet.

Dëst féiert derzou dass all déi technesch Asätz esou wéi och d'Brandasätz vun Téinten aus gefuer ginn. Am Pompjeesbau op der Schweebecher Bréck ass awer och een Gefier stoen bliwwen wat als First Responder Gefier kann genotzt ginn fir bei medezineschen Noutfäll méi schnell kënnen ze reagéieren.

Mir hunn eng staark Jugendsektioun déi vun Kanner a Jugendlecher vun 6-16 Joer encadréiert. Dës treffen sech ëmmer Méindes owes. Hei gëtt den Kanner spilleresch d'Arbecht vun den Pompjeeën gewisen vir se spéider ob d'Arbecht vun Pompjee vir ze bereeden. Sie wiesselen dann mat 16 Joer an déi Grouss Pompjeeën wou si dann aktive Pompjee sinn an d'Asätz duerfen matfueren.



Awer och bei deenen aktive Pompjeeën ab 16 Joer an an der Amicale géingen mir eis iwwer all Hand freeën, méi Infoen fannt dier ob 112.lu.

